LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 4757 vum 15. September 2026 vum honorabelen Deputéierten André Bauler an vum honorabelen Deputéierten Gusty Graas zum Sujet “Nuisances liées au trafic de motos”.

Froen 1. an 2. Wéi vill Accidenter goufen dëst Joer tëscht dem 1. Abrëll an dem 15. September enregistréiert, an deene Motorrieder implizéiert waren? Wéi héich war den Undeel un auslännesche Chauffeuren?
A wéi ville Fäll gouf et schwéier Verletzter a souguer Doudeger?

Dem STATEC, deen zoustänneg ass fir d’Erhiewe vun den Accidentzuelen, , leien zum aktuellen Zäitpunkt nach keng zouverlässeg Zuelen fir d’Period vum 1. Abrëll bis de 15. September vir.

3. Wéi dacks mécht d’Police Kontrollen an de staark betraffene Géigenden?

D'Police mécht all Dag Verkéierskontrollen um ganzen Territoire vum Land, bei deenen och d'Motorradsfuerer kontrolléiert ginn. D'Kontrolle vu Motorrieder ginn an de Summerméint verstäerkt op deene Strecken duerchgefouert déi besonneg dacks vu Motorradsfuerer benotzt ginn.

Vum 1. Januar 2026 bis de 7. Oktober 2026 huet d’Police am ganze Land iwwer 8.900 Verkéierskontrollen duerchgefouert, dovunner iwwer 3.200 an der Regioun Norden, an 1.650 an der Regioun Centre-Est, notamment an de Géigende vum Mëllerdall, dem Sauer- an dem Ourdall déi aus touristesche Grënn staark vu Motorrieder befuer ginn.

An der Regioun Norde goufen eleng am Kader vun der Campagne „Moto 2026“ vum 31. Mee bis den 13. September 2026 insgesamt 227 verstäerkt Motorradkontrollen duerchgefouert.

4. Wat gëtt genee kontrolléiert? Gëtt och genee gepréift, wéi vill Dezibel déi verschidde Motorrieder verursaachen?

Bei de Motorradkontrolle kontrolléiert d’Police ënner anerem d’Vitess, den techneschen Zoustand vum Motorrad, d’Borddokumenter souwei d’Schutzausrüstung. Dobäi ginn ochaner Verstéiss géint de Code de la Route am Kader vun de Kontrolle festgestallt. Bei konkrete Verdachtsmomenter gëtt zousätzlech iwwerpreift, ob de Chauffeur ënner dem Afloss vun Alkohol, Drogen a Medikamenter fiert.

Et gëtt kontrolléiert ob onnéideg Kaméidi verursaacht gëtt, zum Beispill duerch ee beschiedegten oder manipuléierten Auspuff, mee et gëtt net mat spezielle Geräter festgehale wéi vill Dezibel déi verschidde Motorrieder verursaachen.

5. Wat fir Verfeelunge goufen dëst Joer sanktionéiert?

Vum 1. Januar 2026 bis de 15. September 2026 goufen am ganze Land 1.090 *Avertissements taxés* vun de Policepatrullen op Motorradfuerer ausgestallt. Dovunner goufen 440 an der Regioun Norden a 99 an der Regioun Centre-Est ausgestallt. Eng manuell Recherche an der Datebank vun der Police fir d’Regioun

Norden huet erginn, datt 4 *procès-verbaux de grande vitesse* a 6 *Retraits de permis* wéinst Vitesseverstéiss ausgestallt goufen.

Et goufe ënnert anerem Vitesseverstéiss, geféierlech Fuerweisen an Iwwerhuelmanöver, Verstéiss géint d'Verkéierssignalisatioun an d'Prioritéitsreegelen, technesch Mängel (Pneuen, Luuchten, Winkeren, Spigelen, Réckstrahler an Auspuff), net konform Modifikatiounen oder Transformatiounen, Verstéiss am Zesummenhang mat der Immatrikulatioun, d' technesch Kontroll an Borddokumenter, Verstéiss géint d'Helmflicht an d'Flicht eng Warnwest matzeféieren, Verstéiss géint d'Sécherheetsdistanz, géint *Vignette fiscale* souwéi d'Benotzung vun engem mobillen elektroneschen Apparat beim Fuere sanktionéiert.

6. Wéi bewäert den Här Minister d'Resultater vun de verstäerkte Motorradkontrollen an der Saison 2026 ? Ass virgesinn, 2027 zousätzlech zu de schonn duerchgefouerte saisonale Kontrollen nach weider oder méi cibléiert Kontrollen an de besonnesch betraffene Regiounen duerchzeféieren?

Eng Bewäertung ass réischt méiglech, wann zouverlässeg Zuele virleien. D'Bewäertung vun den Zuele läit och am Kompetenzberäich vum STATEC. (cf. Äntwert op Froen 1 an 2).

Zu der Fro betreffend zousätzlech oder méi cibléierte Kontrollen, ass dëst eng Fro vun disponibele Ressourcen, Priorisatiounen an techneschen Equipementer déi fiabel an homologéiert musse sinn, esou wéi et an der Äntwert op d'Fro 8 hei drënner erkläert gëtt.

7. Kontrolléiert d'Police och reegelméisseg, egal ob Motorrad oder Auto, wie mat manipuléierten Auspuffe fiert, an esou een onnéidege Kaméidi provozéiert? Wéi vill Strofe goufen an dësem Kontext am Zäitraum 1. Januar bis 15. September verhaangen?

Bei de Kontrolle ginn ënner anerem och d'Auspuffsystemer iwwerpréift, notamment ob dës manipuléiert oder net homologéiert sinn an ob se opfälleg vill an onnéidege Kaméidi verursaachen.

Vum 1. Januar 2026 bis de 15. September 2026 goufen am ganze Land insgesamt 167 *Avertissements taxés* wéinst net eglementairen Auspuffsystemer ausgestallt. Zousätzlech goufen 20 *Procès-verbaux* geschriwwen.

Vun den 167 *Avertissements taxés*, déi national wéinst net reglementairen Auspuffsystemer ausgestallt goufen, goufen der 47 an der Regioun Norden ausgestallt.

8. A verschiddene Länner gi sougenannte Kaméidisradaren agesat oder getest, fir besonnesch kaméidiintensiv Gefierer z'identifizéieren. Gesäit d'Police bei hiren aktuelle Kontrollen e Besoin fir zousätzlech technesch Moyenen, fir esou Gefierer méi cibléiert kënnen ze kontrolléieren?

D'Police huet an der Vergaangenheet Kaméidisradare getest. D'Resultater vun dësen Tester goufen allerdéngs als net zouverlässeg genuch befonnt, fir zweifelsfräi festzestellen, ob e Gefier déi zouzeloossen Kaméidisgrenz iwwerschreit. Aus dësem Grond gesäit d'Police am Moment dovun of, esou Geräter unzeschafen , bis méi performant an zouverlässeg Léisungen verfügbar sinn.

Lëtzebuerg, den 19. Oktober 2026
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN